# BEACH DE LUX

## TOURNOIS

### Aschreiwung – NEW!!!

- Aschreiwunge ginn just nach iwwert eisen neien Internetsite beachdelux.lu ugeholl
- Umeldunge ginn an der Reegel **3 Deeg virum Tournoi** zou! Ab dann kann een sech och net méi umellen!
- D´Umeldunge sinn och réischt validéiert wann den Betrag bis zu deem Datum op eisem Konto ass. Dat gëtt och dëst Joer méi streng kontrolléiert. Wann den Montant net am Viraus iwwerwisen gouf, kennt dir leider net op deem Tournoi deelhuelen.
- Fir d´Iwwerweisung ze vereinfachen, hunn mir eis Digicash zougeluecht: 661600666. Natierlech kennt dir den Montant och nach ëmmer op eis Kontosnummer iwwerweisen: LU96 0019 5755 0558 1000 (OPGEPASST NEIE BANKKONTO 2020). Denkt an deem Fall just drun, dat déi Iwwerweisung puer Deeg daueren kann. Gitt bei der Iwwerweisung w.e.g den Datum vum Turnéier an den Virnumm an Nonumm vun den 2 Spiller un.
- D'Aschreiwungsfraise belafen sech weiderhin op 25€ pro Ekipp (inklusiv 10€ Gedrenksbong).
- Et ginn maximal 24 Equippe pro Tournoidag zougelooss
- D'Membere vum Veräin hunn Prioritéit bei der Aschreiwung. Sou kann et virkommen dat Net-Memberen trotz fréier Umeldung net un engem Tournoi deelhuelen kennen. An deem Fall ginn si natierlech rembourséiert an kréien hir Aschreiwungsfraisen zréck iwwerwisen.

### Oflaf - Tournoi

- Et gëtt keen Technical Meeting organiséiert. All néideg Informatioune fannt dir am viraus online oder um Aushang um Turnéier selwer.
- De Spillplang gëtt owes virum Turnéier op eise sozialen Netzwierker publizéiert an hänkt och um Tournoi aus.
- Sidd wegl spéitstens 20 min virun ärem éischte Match um Site. Am Fall wou eng Ekipp net do ass wann se soll spillen, musse mir dee Match fir déi Ekipp als 0:21-Néierlag wäerten.
- Mir bieden iech de Spillplang am A ze halen an op den entspriechenden Terrain ze goen wann dir drun sidd. Sou kennen mir och den Zäitplang anhalen. No den Matcher dréit den Gewënner d´Resultat wegl. um Spillplang an.
- Et wier virdeelhaft wann dir iech och schonn virun ären Matcher nieft den Terrainen bëssen waarm maacht ouni déi aner ze stéieren. Merci.

# BEACH DE LUX

## TOURNOIS

**Verfleegung**

- Mir verkafe Béier, Radler an Softdrinks zu engem klengen Tarif. Waasser kennt der vum Krunn drénken. Bréngt w.e.g. keen eegent Gedrénks mat, Merci.
- Mir verkafe Gegrills, Zaloten a kleng Snacks.

**Infos**

- Leider hunn mir just eng kal Dusch zur Verfügung
- Mir bieden iech w.e.gl. d'Natur an d'Ëmgéigend propper ze halen. Benotzt och w.e.g. déi virgesinnen Ooffallbacken. Merci

**Terrains:**

- https://www.google.com/maps/place/Terrains+Beach+Lintgen/@49.7203906,6.1495655,607m/data=!3m1!1e3!4m5!3m4!1s0x4795504dc89e9c7b:0x9efd13a58c995e75!8m2!3d49.7203906!4d6.1517542

**Mir freeën eis op är Participatioun an stinn natierlech fir weider Froen zur Verfügung.**

**Ären Comité vun Beach de Lux**

Web: beachdelux.lu
E-Mail: contact@beachdelux.lu
Konto-Nr.: LU96 0019 5755 0558 1000